



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7797 vum 20. Mäerz 2023 vum honorabelen Députéierten Clement Sven

Ad 1)

Den 20. August 2018 ass de Gateway den et erlaabt d'API an d'PNR Donnéeë vum de Fluchgesellschaften zentral a gebündelt un d'Police weiderzeschécken a Betrib gaangen. Saitdeem gouf et um Gateway verschidde Verbesserungen an Evolutiounen.

Lëtzebuerg ass als eenzegt Land um Gateway connectéiert. Verschidden Negotiatioune mat anere Länner sinn nach net zu engem Ofschloss komm. De GIE bedreift och eng Plattform fir Fluchgesellschaften di am Beräich "Business Aviation" tätig sinn. 36 Fluchgesellschafte sinn un de Gateway ugebonnen.

Ad 2)

De gesamten Invest vun de Joeren 2017-2020 beleeft sech op 582.660 €. 289.860 € sinn vum Lëtzebuurger Staat komm, de Recht ass duerch europäesch Gelder couvréiert ginn.

Sait 2020 gëtt all Joer en Marché mat PAXGOV GIE gemaach. Sait 2020 sinn d'Käschte vun dësem Marché an der Héicht vu 75% vun der EU kofinanzéiert.

Ad 3)

Am Moment ginn zwou Proposé vun der europäescher Kommissioun fir d'Kollekten an den Transfer vun API Donnéeën am Aarbechtsgrupp "Working Party on JHA Information Exchange" (IXIM) vum Europäesche Rot diskutéiert.

Réischt nom Trilog mam Europaparlament wäert eng stabel Versioun vum Text existéieren, unhand vun där ee ka gesin ob a wéiwäit sech di verschidde Systemer ënnerscheiden.

Ad 4)

De gemeinsamen europäesche Router wäert méttelfristeg (bis 2030) de Gateway vum GIE net kennen ersetzen. En fontion vun den Decisiounen déi den europäesche Legislatuer hält, wäert de Gateway vum PAXGOV och nach no 2030 néideg bleiwen.

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX